N° 4685
Reçue le 20.07.2021
Déclarée recevable et urgence reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 20.07.2021

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20/07/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 81 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës dringend parlamentaresch Fro un de Premierminister an d'Ministere fir Aussenugeleeënheeten an Europa, Verdeedegung, Justiz & Wirtschaft weiderzeleeden.**

Laut den Erkenntnisser vun engem internationale Journalistennetzwierk, deenen, ënnert anerem, Journaliste vun der *Süddeutsche Zeitung* an *The Guardian* ugehéieren, wier d'Trojaner-Software "*Pegasus*" op Handye vu Journalisten, Mënscherechtsaktivisten an Oppositiounspolitiker erëmfonnt ginn.

D'Software gëtt vun der israelescher Firma *NSO* ugebueden an ausschliisslech u staatlech Institutioune verkaf, déi an der Terrorismusbekämpfung aktiv sinn. Den ëffentlech zougänglechen Informatiounen no kann dësen Trojaner op Handyen installéiert ginn, ouni, dass de Besëtzer dovunner eppes matkritt. Esou kënnen d'Affer effektiv ausspionéiert ginn, ouni, dass si eppes dovunner matkréien. Wëssenswäert ass och, dass dës israelesch Firma eng Filial zu Lëtzebuerg huet.

An deem Zesummenhang wéilte mir de Ministeren dës Froe stellen:

1. Existéiere Relatiounen tëschent der Firma *NSO* an iergendwelleche lëtzebuergeschen Institutiounen?
2. Kann d'Regierung ausschléissen, dass och Journalisten, Aktivisten oder Politiker zu Lëtzebuerg vun dësem Iwwerwaachungsskandal betraff sinn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

N° 4685
Reçue le 23.07.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Luxembourg, le 22 juillet 2021

Monsieur
Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le Parlement
LUXEMBOURG

**Objet: Réponse commune de Monsieur le Premier Ministre, Ministre d'État, de Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et européennes et de Monsieur le Ministre de la Sécurité intérieure à la question parlementaire urgente n°4685 posée le 20 juillet 2021 par les honorables Députés Messieurs Sven CLEMENT et Marc GOERGEN concernant les activités de l'entreprise NSO.**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse commune à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Le Premier Ministre

Ministre d'État

**Äntwert vun dem Här Premierminister, Staatsminister, vun dem Här Aussen- an Europaminister a vun dem Här Minister fir bannenzeg Sécherheet op déi dringend parlamentaresch Fro n°4685 vum 20. Juli 2021 vun den honorabelen Hären Deputéierten Sven CLEMENT a Marc GOERGEN iwwert d'Aktivitéiten vun der Firma NSO**

Den Artikel 3 vum ofgeännerte Geheimdéngschtgesetz vum 5. Juli 2016, deen d'Missioune vum Geheimdéngscht (SRE) virgesäit, schléisst ausdrécklech "toute surveillance politique interne" duerch den SRE aus.

Betreffend den SRE befanne sech d'Moyene déi däerfen agesat ginn an d'Prozeduren déi mussen agehale ginn an déi der Kontroll vun der parlamentarescher Geheimdéngscht-Kontrollkommissioun ënnerleien an den Artikelen 5-8 vum uewe genannte Gesetz vum 5. Juli 2016.

Dës Moyene ginn agesat am Kader vun de Missiounen vum SRE, also am Fall vun enger potentieller Bedreeung duerch Spionage, gewaltbereeten Extremismus, Terrorismus, Verbreedung vu Massevernichtungswaffen oder verteidegungsrelevante Gidder zesumme mat den entspriechend Technologien an organiséiert Kriminalitéit oder Cyber-Bedreeung souwäit dës mat deene virgenannt Aktivitéiten zesummenhänken.

Betreffend d'Police Grand-Ducale befanne sech d'Moyenen, déi däerfen bei de judiciairen Enquêten an Instructiounen agesat ginn, an d'Prozeduren, déi dobäi mussen agehale ginn, am Code de procédure pénale beschriwwen.

Aus sécherheetsrelevanten an ermëttlungstechnesche Grënn kënne keng Détailer iwwert technesch Equipementer publizéiert ginn.

D'Regierung huet keng Informatiounen vun engem Asaz vun enger Trojaner-Software duerch auslännesch staatlech Akteuren zu Lëtzebuerg.